SEPTEMBER / SEPTEMBRE 2017

GRÉNG NEWS

LOKALSEKTIOUN DÉI GRÉNG LUERENZWEILER

déi gréng

LËSCHT 1

GRÉNG WIERKT

EIS KANDIDATEN A KANDIDATINNEN

MIR SI PRETT FIR NOM 8. OKTOBER 2017 VERANTWORTUNG ZE IWWERHUELEN

RÜCKBLICK AUF 6 JAHRE OPPOSITIONSARBEIT VON DÉI GRÉNG LUERENZWEILER

Die nun zu Ende gehende Mandatsperiode zählte über 50 abgehaltene Gemeinderatssitzungen. **déi gréng** waren hierbei in den vergangenen 6 Jahren die fleißigste Fraktion: über 40- mal haben wir einen Punkt auf die Tagesordnung gesetzt. **Damit haben déi gréng ihre Oppositionsrolle sehr gewissenhaft und pflichtbewusst in zwar kritischer jedoch stets konstruktiver Weise ausgeübt.**

Allgemein geht man davon aus, dass eine Partei, die in der Opposition ist, nicht viel erreichen kann. Dadurch, dass déi gréng jedoch eine kritisch-konstruktive Oppositionsarbeit geleistet haben, konnten wir dennoch einige **wichtige Erfolge** verbuchen.

So konnten wir zum Beispiel erreichen, dass eine **Sammelstelle für Grünschnitt** in der Gemeinde beibehalten wurde und nicht, wie es anfangs der Wille der Majorität war, diese Sammelstelle nach Mersch zu verlagern.

Auch geht der „**lokale Maart**“ auf eine Idee von déi gréng aus dem Klimateam zurück.

Des Weiteren setzten wir uns dafür ein, dass der **Ablauf des Te Deums** abgeändert wurde. Anstatt dass der offizielle Teil der Feier vor dem „Cortège“ und dem kirchlichen Akt stattfindet, wird seit 2013 mit dem kirchlichen Akt des Te Deums begonnen. Der Erfolg gibt uns Recht; seitdem nehmen deutlich mehr Bürger und Bürgerinnen am weltlichen Teil des Festaktes teil.

Ein weiterer wichtiger Punkt, bei dem wir nicht locker ließen, waren die unzureichend beleuchteten **Fußgängerüberwege**. Immer wieder machten wir auf diese Gefahrenpunkte aufmerksam und konnten immerhin erreichen, dass die Zebrastreifen in Hünsdorf und Blascheid mittlerweile sehr gut beleuchtet sind. Die Beleuchtung der Zebrastreifen an der N7 wurde zwar ebenfalls verbessert, ist jedoch noch immer nicht optimal.

Zu guter Letzt waren wir auch in Punkto Finanzen Vorreiter. Bereits im Jahre 2015 schlugen wir dem Schöffenrat vor, die **Gemeindeschuld** zu bündeln, um neue Konditionen bei den Banken auszuhandeln. Was zu diesem Zeitpunkt noch von Seiten der Mehrheit belächelt wurde, wurde dann schlussendlich 2017 von derselben umgesetzt.

FR Lors des 50 séances du conseil communal, **déi gréng étaient la fraction la plus engagée** avec plus de 40 sujets mis à l'ordre du jour des différentes séances. Ce qui confirme que **déi gréng ont exercé leur rôle de façon consciencieuse, tout en étant critique et constructif. Par notre travail d'opposition nous avons réussi à enregistrer certains succès importants.**

Ainsi nous avons réussi à maintenir un dépôt pour la coupe verte dans la commune alors que d'après les souhaits de la majorité, il devait être transféré vers Mersch.

Sans oublier le **marché local** (« lokale Maart »), issu d'une idée des représentants déi gréng du « Klimateam ».

En outre, nous avons insisté à ce que **le déroulement du « Te Deum »** soit modifié.

Un autre point important pour lequel nous avons insisté fermement étaient **les passages pour piétons** insuffisamment éclairés. Entretemps les passages cloutés sises à Hünsdorf et Blaschette sont très bien éclairés tandis que ceux sur la N7 ont également été améliorés, mais pas encore de façon optimale.

Finalement nous étions précurseurs en matière de finances. Déjà en 2015 nous avions proposé au conseil des échevins de lier **la dette communale** afin de négocier de nouvelles et meilleures conditions auprès des banques. Si à l'époque la majorité s'en moquait, en 2017 cette même majorité a suivi nos recommandations.

„GRÉNG WIERKT!“
OCH ZU LUERENZWEILER

RE PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate neutral Drucksache
No. 01-14-561533 – www.myclimate.org
© myclimate – The Climate Protection Partnership

> 41 Joer
> Léierin am Préparatoire vum LCD
> Gemengenroot 2011- 2017
> Member vum Klimateam
> Member vun der Archieven-, Bauten-, Intégratiouns- a Weekommission
> Member vun der Amicale vun de Luerenzweiler Guiden a Scouten St. Laurent
> Parteimember
> Blaaschent

Ech sinn zu Hënsdref opgewuess. Als Kand hunn ech déi meeschten Zäit an eisem Gaart a bei de Päerd verbruecht. Ganz fréi konnt ech mech awer och schonn fir de Scoutismus begeeschteren a war iwwer 30 Joer aktiv am Grupp St.Laurent, als éischt als Wiichtelchen a spéider als Chef bei de verschiddenen Altersgruppen an als Gruppechef. Och haut si mir d'Scouten nach ëmmer ganz wichteg an ech probéieren eng Hand mat unzepaken do wou se gebraucht gëtt.

D'Veräinsliewen an der Gemeng léit mir um Häerz; nieft de Scoute war ech laang Zäit am Comité vum Sports Equestres Fautelfiels. Eng wonnerbar Zäit hunn ech als Jugendlechen am Jong Hënsdref verbruecht, wou mir Nuetsrallyen a Partien an der Gemeng organiséiert an esouguer e Film iwwert Gemeng gedréint hunn. Och haut fillen ech mech nach ëmmer ganz verbonne mat mengem Heemechtsduerf an dofir sinn ech frou bei den Hënsdrefer Duerffrënn mat dobäi ze sinn.

No menger Première am Lycée Michel Rodange, hunn ech mech fir e Pädagogikstudium an der Haute Ecole Blaise Pascal zu Baaschtnech decidéiert. Nom Bachelor stoung fir mech fest, datt ech wéilt mat Jugendleche schaffen an esou ass mäin Choix op de Préparatoire am LCD zu Miersch gefall. Schwaache Schüler ze hëllefen a se op hirem Wee an d'Beruffsliewen ze begleeden ass net ëmmer einfach mee gëtt mir ganz vill Satisfaktioun.

Am Beschten entspane kann ech wann ech am Lehm schaffen oder e gutt Buch liesen. De Weekend profitéiere mir dovun, eraus an d'Natur „geocachen" ze goen. Ausserdeem mëcht mir mäin Geméisgaart vill Freed. Ech sinn och nach Member bei TERRA, enger Gaardekooperativ, esou datt meng Famill vu Fréijoer bis Hierscht genuch Geméis aus eegenem Ubau huet. Desweideren hu mir eng eege Fotovoltaikanlag um Daach an hunn och Undeeler un der Gemeinschaftsanlag vun der Gemeng, esou datt mir méi Stroum produzéieren eréi mir ëss verbrauchen.

Béi de Gréngen hunn ech mech viru 6 Joer engagéiert. Ech war nach ëmmer un der Luerenzweiler Gemengepolitik intresséiert; wéi dunn déi lokal Sektioun vun déi gréng sech gegrënnt huet, war de Choix fir mech kloer. Ech hat d'Chance direkt an de Gemengerot eragewielt ze ginn. 6 Joer Oppositioun waren eng gutt Léierzäit, déi mir et erméiglecht hunn mech an Dossieren eranzeschaffen. Ech well mech och weiderhin an der Gemengepolitik engagéieren. Besonnesch um Häerz leit mir den Erhalt vun eisem Patrimoine, méi Matbestëmmung fir d'Bierger, d'Fërdere vun erneierbaren Energien, bezuelbare Wunnraum, eng gutt Drénkwaasser- a Loftqualitéit an d'Erreeche vun de Klimapaktzieler.

> 29 Joer
> Zänndokter
> Boufer

Zu Lëtzebuerg gebuer, hunn ech quasi mäi ganzt Liewen zu Boufer gewunnt. No menger Schoulzäit zu Luerenzweiler an am Lycée Robert Schuman hunn ech zu Nanzeg studéiert, a wunne lo nees zu Boufer.

Fir mech bréngt d'Gemeng Luerenzweiler dat Bescht zesummen: D'Proximitéit vu Schoulen an déi ugebuedenen Transportservicer sinn ideal fir Famillje mat Kanner. Kanner fanne vill Infrastrukture fir sech auszetoben. Jugendlecher an Erwuessener kenne vun der Proximitéit vun der Stadt profitéieren, a sinn no bei der Natur fir sech vum Stress vum Alldag ze erhuelen.

Säit engem Joer schaffen ech an der Praxis vu mengem fréieren Unisprofesser. Nieft mengem Beruff probéieren ech esou vill eréi méiglech Zäit dobaussen ze verbréngen. Wann d'Wieder ët erméiglecht touren ech gäre mat menger Partnerin a Frënn duerch Lëtzebuerg, wat engem d'Geleeënheet gëtt ëmmer nees néi Ecker an onsem schéine Ländche kennenzeléieren a vun der Natur ze profitéieren. Sportlech aktiv sinn ech an der Société de tir aux armes sportives et de chasse zu lechternach.

Ech hu mech bei déi gréng engagéiert well et mir wichteg ass, datt eppes fir d'Jugend an der Gemeng gemaach gëtt. Jonk Léit soll et erméiglecht ginn an der Gemeng wou se opgewuess sinn, eng bezuelbar Wunneng ze fannen. Mir ass et wichteg an enger Gemeng mat vill Gréngs an enger gesonder Biodiversitéit ze liewen. Als Jonke well ech mech fir eng besser Mobilitéit de Weekend asetzen, fir e besseren Horaire vun der Ligne 290 an e verbëllegt Abonnement fir den „Night Rider".

Nascido no Luxemburgo de dois pais emigrantes portugueses, fiz a primeira parte da minha escolaridade no Luxemburgo, incluido o ensino português. A aprendizagem da minha profição de médico-dentista foi feita numa formação de sete anos na faculdade de odontologia em Nancy.

A maior parte da minha vida foi feita em Lorentzweiler, o que me beneficiou imenso devido a proximidade das escolas, transportes e o acesso a uma multidão de infra-estruturas, permitindo um bom densenvolvimento de crianças.

É justamente para poder oferecer essa mesma oportunidade para todos os cidadões de Lorentzweiler, que decidi juntar me aos « déi gréng ». O meu desejo é manter a nossa biodiversidade, passando por uma extansão da mobilidade e criação de meios enfim da garantir uma melhor sustentibilidade. Importante para mim, é trabalhar numa solução eficaz para permitir aos nossos jovens o accesso a propriedade.

- 67 Joer
- Pensionéierte Bankbeamten
- Parteimember
- Boufer

Ech sinn an der Staat gebuer an am Neiduerf opgewuess, bestued, an hunn 2 Kanner.

No enger laanger Karriär als Bankbeamten an als laangjärege Personalvertrieder hunn ech säit gutt 2 Joer meng Pensioun.

Während menger aktiver Zäit war ech och gewerkschaftlech aktiv an ech hunn iwwer 15 Joer am Exekutiv vun der ALEBA matgeschafft.

Doduerch datt ech am Betrib d'Interesse vu menge Leit vertrueden hunn an iwwert d'Gewerkschaft konnt bäidroen, datt de soziale Fridden am Finanzsecteur erhale konnt ginn, hunn ech vill geléiert a verstaan datt een nëmmen am Dialog a géigesätzlechem Respekt zu enger Eenegung ka kommen.

Des Erfarungen a Kompetenzen géif ech elo gär zu Luerenzweiler asetze wou ech säit méi wéi 35 Joer doheem sinn.

Meng Hobbyen: D'Famill, Nordic-walking, Jogging, Reesen. Ech war laang Joren aktive Futtballspiller an iwwer 25 Joer hunn ech d'Futtballsequipe vu menger Bank gecoacht.

Ech hu mech deene Grengen ugeschloss well si fir Wäerter astinn déi mir perséinlech wichteg schéingen eréi d'Verbessere vu Liewensqualitéit an Ëmweltschutz, wichteg Sujeten déi deenen nächste Generatiounen ze gutt komme wäerten.

Ech sti fir eng oppe Gemeng, fir méi Informatioun an Transparenz esou wéi e Matsproocherecht bei wichtege Sujeten.

Pendant une bonne trentaine d'années, j'assumais un rôle actif de délégué du personnel dans une entreprise financière internationale de la place. Via mon syndicat l'ALEBA nous avons réussi à maintenir la paix sociale dans un secteur qui n'a cessé d'évoluer, malheureusement pas toujours dans le bon sens. Ces activités m'ont permis d'acquérir une grande expérience dans le domaine social, expérience que je souhaiterais maintenant mettre au profit de ma commune qui m'a accueilli les bras ouverts il y a plus de 35 ans.

- 58 Joer
- Europabeamtin
- Member vun der Kulturkommissioun
- Parteimember
- Luerenzweiler

An der Staat Lëtzebuerg gebuer hunn ech a menger Jugend zu Ettelbréck, nees an der Staat, an duerno zu Syren gewunnt. 1983 hunn ech mir Luerenzweiler als nei Heemecht erausgesicht.

No engem Konschtstudium mat Schwéierpunkt Skulptur an Orfèvrerie zu Lëtzebuerg a Namur, an enger kuerzer Fotografeléier, hunn ech nach en Sproochstudium zu Osnabreck drugehaangen an als Fremdsprachenkorrespondentin bei der „IHK Bonn" ofgeschloss. Sou hat ech hei zu Lëtzebuerg méi berufflech Méiglechkeeten, wéi virdrun als Sculpteur a Goldschmadd.

Ech hun 2 Joer laang am private Secteur als Allroundsekretärin, duerno vun 1985-1991 am Bankesecteur, dovun déi läscht 4 Joer als Personalchef an Assistante de Direction geschafft. Bei multinationale Banke konnt ech meng Sproochen asetzen, hunn vill Erfarung gesammelt, a meng berufflech Kompetenzen ausgebaut.

Zënter 1991 schaffen ech als Fonctionnaire permanent bei der Europäescher Kommissioun hei zu Lëtzebuerg an der Direktioun ECFIN. Innerhalb vun den Europäeschen Institutioune kann ech no Feierowend och meng kënschtleresch Vocatioun als Grënnungsmember a laangjäreg Presidentin am „Club Orfèvrerie des Institutions Européennes, Luxembourg" ausliewen. Niewent menger Aarbecht sinn ech mat vill Freed am Club an als fräischaffend Schmuckkënschtlerin aktiv.

No der Gebuert 1998 vu mengem Meedche mat Trisomie 21 sinn ech op esou vill Mëssstänn am sougenannten „Secteur du Handicap" hei am Land gestouss, datt ech mech séit deem hei asetzen. Ech war laang Zäit bei „Zesummen fir Inclusioun" aktiv, si Grënnungsmember an aktuell Presidentin vun „Trisiomie 21 Lëtzebuerg asbl".

Vun Kand un war a sinn ech gär dobaussen, op eleng, mat Famill, Frënn, Mupp, mam Vëlo oder zu Päerd, ëmmer genéissen ech gär eng méiglechst onberéiert Natur. Och déi politesch Zesummenhäng a Konsequenzen interesséiere mech.

Dofir ass et fir mech selbstverständlech, mech als aktive Member bei der grénger Partei, a besonnesch um Niveau vun der Gemeng, fir all eis Zieler an ze setzen. **Meng Prioritéite leien hei bei der Inclusioun vun all eise Matbierger, op doheem an der Schoul oder an der Beruffswelt; Konscht a Kultur, sou wei och Urbanismus am Allgemengen, an d'Revalorisatioun vun eisem Duerfkär am besonneschen.**

Due to my international working experiences I learned so much about different cultures and mutual tolerance that I want to share my positive experiences.

I want to make a difference, being part of „**dei grèng Luerenzweiler**" gives me the opportunity to get involved where I feel I can actually achieve something.

It's not only about environment, but also about perception, how do we see our world, and even more, the people around us, how do we treat them, and the outcome of this.

- 64 Joer
- Pensionéierte Bankbeamten
- Parteimember
- Boufer

Gebuer an der Stad, hunn ech laang am Neiduerf gewunnt wou ech opgewuess sinn. Säit 1980 wunnen ech zu Boufer a sinn Papp vun zwou erwuessen Duechteren.

No mengem Lycée's-Ofschloss sinn ech no enger Fiduciaire, wou ech mech em d'Salairen bekëmmert hunn, a Siemens S.A., wou ech fir d'Comptabilitéit an d'Facturatioun zoustänneg war, bei der Bank gelant, wou ech eng Equipe ze féieren hat, a mech och gewerkschaftlech engagéiert hunn.

Sportlech war ech och vill täteg, Tennis, Nordic-Walking, a virun allem Futtball, wou den Highlight mam Avenir Beggen, een Uefa-Europa-League Match géingt den FC Porto 1975, war.

Mä gréisst Hobby as awer musizéieren, (Drums a Percussioun), wat ech fréier am Orchester, a spéider a verschiddene BigBand Formatiounen praktizéiert hunn. Momentan musizéieren ech nach an der BigBand „Memory", wou ech och gläichzäiteg President sinn.

Ech si bei „déi grèng Luerenzweiler", well mer eng gutt a sympathesch Equipe sinn, a well eise Wahlprogramm mir gefällt.

Wichteg Themen fir mech sinn d'Liewensqualitéit ze erhalen, de gesellschaftlechen Zesummenhalt souwéi d'Mobilitéit.

Né à Luxembourg-Ville en 1953, en retraite et père de deux filles, j'habite depuis 1980 à Bofferdange. Engagé trois années auprès d'une Fiduciare et sept ans chez Siemens S.A., je termine ma carrière professionnelle en 2013 auprès de la KB European Private Bankers.

Je m'engage pour une meilleure qualité de vie, la vie sociale et la mobilité.

- 39 Joer
- Enseignant
- Member vun der Jugendkommissioun vun der Entente FC Alisontia Steesel/ FC Luerenzweiler
- Boufer

Je suis né à Luxembourg. J'ai été élevé par mes parents portugais dans le quartier de Hollerich, où j'ai suivi mes études primaires. J'ai également joué au football dans toutes les catégories jeunes et dans l'équipe principale du CS Hollerich.

Lors de mon adolescence, j'ai déménagé avec ma famille dans le quartier du Rollingergrund et j'ai fréquenté le Lycée technique du Centre au Limpertsberg.

Ensuite j'ai intégré la Faculté de Sciences de l'Université de Liège où j'ai obtenu ma licence en sciences géographiques. Durant mes études, j'ai acquis des compétences dans les domaines de l'environnement, de l'urbanisme et de l'aménagement du territoire.

Après avoir terminé mes études, j'ai commencé à enseigner les sciences au Lycée technique du Centre. Mon métier permet d'aborder de multiples aspects sociaux, économiques et environnementaux et de guider les élèves à devenir des personnes responsables.

Je suis également enseignant-orienteur dans le lycée où j'essaie d'aider les élèves en difficulté scolaire.

Après mes études, j'ai déménagé à Moutfort et j'ai acquis la nationalité luxembourgeoise tout en conservant ma nationalité portugaise.

J'ai recommencé à jouer au football dans les équipes seniors du FC Égalité Weimerskirch et plus tard celle du FC Blue Boys Muhlenbach, club dans lequel j'évolue encore aujourd'hui chez les vétérans.

En 2013, je déménage avec mon épouse et mes deux enfants dans la commune de Lorentzweiler. J'intègre l'équipe du pacte climat „Klimateam" de 2013 jusqu'à mai 2017.

En tant que Vert, je suis persuadé que notre commune doit assurer un développement durable dans son territoire et ainsi assurer une meilleure qualité de vie à tous les citoyens sans oublier les générations futures.

O maior desafio no nosso concelho é o desenvolvimento sustentável, o unico caminho que permite boas condições de vida para todos e para as gerações futuras.

- 62 Joer
- Pensionéierte Gemengebeamten
- Member vun der Weekommission
- Boufer

Ech si bestuet, Papp vun 3 Kanner a säit engem Joer Grousspapp.

Als jonke Mënsch hunn ech Futtball zu Wäisswampech a Klierf gespillt an Handball zu Maarnech. Eréi ech dunn 1983 op Boufer geplënnert sinn, hunn ech am Handball Club Miersch, an och 2 Saisonen an der Luerenzweiler Härenequippe Futtball gespillt.

No méi eréi 38 Joer am Déngscht vum Stroossebauservice als technesche Beamten (Expeditionnaire technique) bei der Stad Lëtzebuerg, sinn ech virun 2 Joer a Pensioun gaangen.

Niewt mengen Aktivitéiten am Handball Club Miersch, sinn ech aktive Musikant an der Hielem-Luerenzweiler Musek a sangen am Uelzechtdall Chouer. Seit kuerzem hunn ech elo erëm ugefaange mat enger aler Leidenschaft, dem Drechselen.

Besonnesch freeën ech mech op déi Zäit déi meng Famill an ech, mat eisem klengen Enkel verbréngen.

Wann dann eng Kéier Zäit bleift, spillen ech gäre mat gudde Frënn Konter a Mitt oder Keelen. Doheem versiche mir bewosst a biologesch anzekafen, mir baken eist Brout selwer, an hun een eegene Geméisgaart. Fir déi Weeër, déi ech net mat dem ëffentlechen Transport, Vëlo oder zu Fouss ka maachen, benotzen ech säit bal 10 Joer een ökologeschen an ekonomeschen Hybrid-Auto. Mir sinn och Member vun der Luerenzweiler-Solar Kooperativ.

Éischt politesch Erfarung hun ech viru 40 Joer am Gemengerot zu Munzen gemaach wou ech awer, nom Wunnsëtzwiessel an d'Stad, demissionéiert hun.

No enger Bedenkzäit an e puer Aarbechtssëtzunge mat **déi gréng Luerenzweiler** hunn ech entscheet fir mat hinnen zréck an d'Politik ze goen. **Ech well mech besonnesch fir zukunftsorientéiert a ressourceschounend Infrastrukturen, ekologeschem Stroossebau mat esou wéineg eréi méiglech Flächenversiegelung an nei urbanistesch Konzepter asetzen.**

En 2015, trente-huit années après mon entrée en service de la Voirie de la Ville de Luxembourg, j'ai pris ma retraite dans la carrière d'expéditionnaire technique.

Dans ma jeunesse, j'ai joué au football à Weiswampach et à Clervaux et du Handball au sein du Handball Club Marnach et Mersch. J'étais aussi membre actif de l'équipe Vétérans du Football Club Lorentzweiler. Je suis actuellement, membre actif de la Fanfare Helmdange-Lorentzweiler et chanteur dans la chorale Uelzechtdall.

J'adore particulièrement le temps que nous passons, notre famille et moi, avec notre petit-fils, et la lecture tout en écoutant de la musique classique. Depuis presque 10 ans j'utilise une voiture-hybride écologique et économique pour les trajets non-exécutables avec les transports en commun, en vélo ou à pied. Nous sommes également membre de la société Lorentzweiler -Solar s.c., et je suis membre de la commission de la voirie dans notre commune.

J'ai fait mes premières expériences en matière politique il y'a 40 ans, comme conseiller communal de la commune de Munshausen. Après mûre réflexion et plusieurs réunions avec **« déi gréng Luerenzweiler »** j'ai décidé de me relancer dans la politique. Je suis particulièrement intéressé par l'urbanisme et aimerais aider à trouver des nouvelles solutions pour l'infrastructure et la voirie.

- 33 Joer
- Directrice adjointe de Banque
- Member vun der Intégrationskommissioun
- Hielem

1984 zu Lëtzebuerg gebuer, sinn ech déi drëtt Generatioun vu menge portugisesche Virfaren, déi op Lëtzebuerg komm sinn. Ech hun déi duebel Nationalitéit, well meng Wuerzele souwuel am Portugal wei och hei zu Lëtzebuerg sinn.

Meng Primärschoulszäit war ech an der Fiels, duerno am lechternacher Lycée. No menge Studien a „Gestion" hun ech meng berufflech Carrière am Banke Secteur ugefaangen. Haut, 10 Joer méi spéit, sinn ech Directrice Adjointe bei enger vun de gréisste Banken hei op der Platz.

Ech si bestuet an houfreg Mamm vun enger 5 Joer aler Duechter.

Tout au long de ma vie j'ai constitué des valeurs, des croyances qui me tiennent très à cœur, auxquels je croix et pour lesquelles je suis prête à m'engager :

L'ENSEIGNEMENT, tellement important pour le futur de nos enfants, c'est la colonne vertébrale de notre société, LA PROTECTION DE LA NATURE, qui est nécessaire pour notre survie, L'INTEGRATION qui permet une cohésion et une paix sociale, qui doit être perçue comme un effort que deux côtés doivent fournir.

Me voulant engager dans la commune, je commencé par la commission d'intégration de Lorentzweiler , j'ai joint l'équipe en 2012. **Ne vivons pas dos à dos. Ce qui nous unit est plus fort que ce qui nous sépare.**

Valores para quais me comprometo:

- ENSINO, tao importante para o futuro das nossas crianças, é a colona vertebral da nossa sociedade
- PROTECAO DA NATUREZA, necessário para nossa sobrevivência
- INTEGRACAO, no que resulta uma paz social, porque o que nos une é mais forte do que nos separa

> 40 Joer
> Juristin
> Hielem

Ech si bestuet, a Mamm vun 2 Kanner (7 a 5 Joer al). Si ginn allebéid zu Luerenzweiler an d'Schoul.

Nieft der Aarbecht sinn ech gäre vill dobaussen an der Natur ënnerwee, ginn trëppelen, lafen a Vëlo fueren - natierlech am léifsten zesumme mat menger Famill an eisem Mupp. Kanufueren an dobausse campéieren maache mir esou oft et geet a gären a frieme Länner fir hier Mënschen a Kulture kennen ze léieren. Mënschen, a besonnesch Kanner, déi a schwierege Situatioune sinn, well ech ënnerstëtzen an engagéiere mech doweinst zënter Joere bei der Kindernothilfe Luxemburg a beim SOS Kannerduerf Miersch.

Ech well mech bei déi gréng dofir asetzen, fir datt d'Natur ëm eis och bei engem gesonden an nohaltegem Wirtschaftswuesstum vun eiser Gemeng esou intakt wéi méiglech bleift, a fir eis Kanner gräifbar gemaach gëtt. Et mussen erëm méi Paiperlécken, Beien a Villercher an eis Gäert a Wise kommen!

Ich bin in Steinsel groß geworden und fühle mich dem Alzette-Tal sehr verbunden. Deshalb auch die Entscheidung vor zehn Jahren, nach meinen Studien in Louvain-la-Neuve, Saarbrücken und Dublin mit der eigenen Familie in die Gemeinde Lorentzweiler zu ziehen.

Bin leidenschaftlich gerne in der Natur draußen zum Wandern, Laufen, Radfahren, zum Beobachten, zum Fotografieren, zum Kanufahren und Campen. Dies am liebsten mit meiner Familie und unserem Hund zusammen, und wann immer möglich auch in fremden Ländern, um die unterschiedlichsten Menschen und Kulturen kennenzulernen. Menschen und insbesondere Kinder in schwierigen Verhältnissen zu unterstützen liegt mir am Herzen und so engagiere ich mich seit Jahren bei der Kindernothilfe Luxemburg und dem SOS Kannerduerf in Mersch.

Im Wald, in den Wiesen und am Wasser fühle ich mich am wohlsten und möchte mich zusammen mit den Grünen dafür einsetzen, dass die Natur um uns herum auch bei einem gesunden und nachhaltigen Wirtschaftswachstum unserer Gemeinde so intakt wie möglich bleibt und für Kinder greifbar gemacht wird. Es wäre schön, wenn es wieder mehr Schmetterlinge, Bienen und Singvögel in unseren Gärten und Wiesen gäbe.

> 42 Joer
> Chef d'équipe CIGR Steinsel Lorentzweiler asbl
> Luerenzweiler

Gebuer an der Staat, opgewuess zu Luerenzweiler, hunn ech op verschiddene Platze vum Land an am Ausland gewunnt fir viru 7 Joer nees op Luerenzweiler zréck ze kommen. Vu Beruff sinn ech geléierten Elektriker, awer ech schaffen elo als Chef d'équipe beim CIGR zu Steesel an der Gäertnerei.

A menger Jugend war ech am Futtball, Tennis mais virun allem am Volleyball aktiv. Meng Zäit an der Nationaléquipe vum Volleyball huet mech geléiert, datt jiddereen eng Chance kann hunn fir eppes ze erreechen. Ech hunn och beim SNJ bei diversen Aktivitéite gehollef, a war 3 Joer Animateur beim „Wibbel an Dribbel". Des Aarbecht mat jonke Leit huet mir gutt gefall.

Ech interesséiere mech nach ëmmer fir Sport a si Supporter vum Luerenzweiler Volleyclub.

An menger Fräizäit schaffen ech am léifsten doheem am Gaart a këmmere mech em mäin Weier.

Eis wonnerschéin Natur leit mir um Häerzen, dofir setzen ech mech bei déi gréng fir d'Erhale vun der Natur, méi Sportméiglechkeeten a besonnesch fir den Outdoorsport an.

Je m'engage pour l'intégration de nos citoyens étrangers. La tolérance et la communication honnête sont les clefs pour une vie harmonieuse dans notre commune.

> 54 Joer
> Coordinatrice administrative CIGR
> Presidentin vun der Luerenzweiler Sektioun säit 2011
> Member an der Ëmwelt-, Intégratioun-, Sozial-, Chancëgläichheet-, 3ten Alter, a Sportskommissioun
> Parteimember
> Boufer

Ech sinn zu Luerenzweiler gebuer an opgewuess. Mäin Papp hat de Familljebetrib, e Garage, vu mengem Grousspapp zu Luerenzweiler iwwerholl. Doheem hunn ech schonn fréi geléiert, eng Hand mat unzepaken, op elo am Garage oder am Stot, an datt et keng spezifesch Aarbechte fir Jongen a Meedercher gëtt, mee Kompetenzen.

No menge Studien op der Académie Royale des Beaux Arts zu Léck, hunn ech 2 Joer bei mengem Papp am Garage matgeschafft. Dono hunn ech am Back-Office op internationale Banken geschafft. Wéi ech een Engagement bei enger bekannter Firma ugeholl hunn, déi ënner anerem Audit Sozial a Kompetenz Bilanze fir grouss Firmen a fir de Staat gemaach huet, hunn ech d'sozial Welt besser kennen a verstoe geléiert. Do wousst ech, datt ech mech fir sozial schwaach Mënsche well asetzen!

Déi grouss Chance, säit 2009 um CIGR Steesel Luerenzweiler als Coordinatrice administrative (De fläissege Fiisschen) ze schaffen, gëtt mir al Dag d'Méiglechkeet déi Leit, déi manner Chancen am Liewen hunn, ze begleeden an ze motivéiere fir eng fest Aarbechtsplaz ze fannen. All Dag ass eng nei Erausfuerderung; et ass eng Aarbecht an där ech opginn, an déi ech mat Léift maachen a liewen.

D'Solidarwirtschaft ass mir immens wichteg.

E Gemeinschaftsgaart, wou d'Schoulkanner, Erwuessener an eeler Leit zesummen am Austausch Geméiss a Kraider ubauen; eng gesond an nohalteg Ernärung, regionalen Ubau – Transitioun - si mir wichteg.

D'Mobilitéit innerhalb vun eiser Gemeng léit mir um Häerz, den direkte Wee op elo zu Fouss oder mam Vëlo. Ech sti fir de Réckbau vun der N7, fir méi Liewensqualitéit a Berouegung vum Verkéier.

Meng Hobbien si Fitness, Vëlofueren, schwammen, an der Natur trëppele goen a Bass spillen.

Virwaat gréng? – well ech mech mat de Wäerter vun eiser Partei kann identifizéieren, gréng wierkt a mir! Mir hunn eng immens gutt an engagéiert Equipe, een Ouer fir all Bierger, fir éis Natur a fir éis Zukunft.

déi gréng

LËSCHT 1

DÉI GRÉNG LUERENZWEILER

NEY ép. PRIM	Carole		
VENTURA	Eric		
BEFFORT	Gilbert		
DRESCH	Jeannot		
EISCHEN	Martine		
FREIRE	Jorge		
KREMER	Armand		
MACEDO ép. NOTARIO	Sandra		
PETER-GABRIEL	Vanessa		
SCHULTÉ	Luc		
SEIL	Chris		

GRÉNG WIERKT

LËSCHT 1

LËSCHT 1

déi gréng

CAROLE NEY ÉP. PRIM

> 41 ans > Institutrice, rég. Préparatoire > Conseillère communale > Blaschette

ERIC VENTURA

> 29 ans > Médecin-dentiste > Bofferdange

GILBERT BEFFORT

> 67 ans > Employé de Banque e.r. > Bofferdange

JEANNOT DRESCH

> 64 ans > Employé de Banque e.r. > Bofferdange

MARTINE EISCHEN

> 58 ans > Fonctionnaire Commission E.U. > Lorentzweiler

JORGE FREIRE

> 39 ans > Enseignant >Bofferdange

ARMAND KREMER

> 62 ans > Fonct. Communal e.r . > Bofferdange

SANDRA MACEDO ÉP. NOTARIO

> 33 ans > Directrice Adjointe de Banque > Helmdange

VANESSA PETER-GABRIEL

> 40 ans > Juriste > Helmdange

LUC SCHULTÉ

> 42 ans > Chef d'équipe CIGR > Lorentzweiler

CHRIS SEIL

> 54 ans > Coordinatrice admin. CIGR > Bofferdange

WWW.GRENG.LU/LUERENZWEILER

déi gréng 2017 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé